# "D'Saach gëtt ganz brenzleg, wann de Monarch sech fir de Kinnek hält."

*Am 21. September organisierte die Asbl Autrement in der Escher Kulturfabrik ein Streitgespräch über die Zukunft der Monarchie in Luxemburg. Am Rednerpult saßen der Philosophieprofessor Pol Kremer, der Psychater Paul Rauchs und die Vertreter der Parteien André Hoffmann (déi Lenk), Alex Bodry (LSAP), Guy de Muyser (DP) und Carlo de Toffoli (Déi Gréng). Nicht nur die Aussagen an diesem Abend fielen aus dem Rahmen der sonstigen Huldigungen im Rahmen des Thronwechsels sondern auch die Zusammensetzung der Sponsoren: die Wochenzeitung WOXX, das Satireblatt* Den Neien Feierkrop*, die Zeitschrift* forum *und die Demokratische Partei hatten die Veranstaltung mitfinanziert.*

*Wir drucken auf den folgenden Seiten die Vorträge von Pol Kremer und Paul Rauchs ab, die uns besonders überzeugend und orginell erschienen.*

## Pol Kremer: " Kee Wuert méi "

"Also d'Mënsche kann een op d'mannst op zwou Oart a Weisen duerchkucken. Entweder seet een, et wäre Leit, di wäre grouss an erwuessen an se wissten also, waten se willten. An zweetens, se wären och gesond a kräfteg an energesch genuch, fir sech op de Wee ze man, fir hir eegen Intressen duerchzesetzen. Wann een dat dotent Mënschebild unhëlt, dann ass ee selbstverständlech Demokrat a selbstverständlech Republikaner an ech mengen, do brauch ee kee Wuert méi driwwer ze verléieren.

Ech weess awer och, datt ee ka soen, datten d'Mënsche wahrscheinlech net erwuesse wären, mä Kanner oder hallef Kanner, oder datt an dem Erwuessenen nach e Kand géif schlofen oder schlummeren oder heinsdo erwechen, an datten d'Mënschen och net richteg wissten, waten se willten. A schliesslech wären s'och net capabel, selwer dat, waten se giffe mengen, oder wou se mengen, se giffen et mengen, duerchzesetzen, well se wären dach al oder krank oder jonk an onerfuer oder se wären Auslänner oder se giffen zu deene gehéieren, di iwwerhaapt emol mi schlecht ewechkomm wieren an da misst een hinnen hëllefen.

**Stellt Iech vir, 't gëtt iergendwou e klengt Land, wat e Landesfürst huet, deen sech engker d'Méi ginn hat, op d'Welt ze kommen…**

An där zweeter Optik ass et selbstverständlech, datt een eng Rei Krätsche brauch. Di kann een sech bei Ayatollah siche goen, et kann een awer och de Landesvater oder eng Landesmamm hunn an sech dann do mi sécher fillen, wi wann ee selwer misst sech op d'mannst Gedanke maachen, fir wien een da géif lo stëmmen. Dat do, dat sollt eng ganz allgemeng Réflectioun sinn.

Meng prezis, dat wär eng iwwer de Problem vun der Legalitéit. Stellt Iech vir, 't gëtt iergendwou e klengt Land, wat e Landesfürst huet, deen sech, wéi am uechzéngte Jorhonnert e franséischen Auteur erlaabt huet ze soen, deen sech engker d'Méi ginn hat, op d'Welt ze kommen. An do–duercher war en da virbestëmmt, fir eng Kéier Landespapp ze ginn a geliebt ze gi vun senge Sujeten. Lo hätt awer datselwecht klengt Land, dat huet eng Rei Texter ënnerschriwwen, vun deene mer de Moment gesot kréien, mir missten se héich an helleg halen zum Beispill dee vun de Mënscherechter, a wann ech mech richteg erënneren, dann ass do ee Punkt, een Artikel, dee seet, datten d'Mënschen alleguerte gläich a fräi gebuere wieren.

Ech hunn do di gréisste Schwieregkeeten ze gesinn, wéi een deen doe Prinzip logesch mat

dem Prinzip vun der Ierfmonarchie ka verbannen. Stellt Iech vir, Der gift soen an engem Land: Fir bei eis an den Enregistrement schaffen ze kommen, däerf een net aus deem Kanton ze sinn. Oder fir an d'Steieramt ze kommen, do muss een di doe Relioun hunn, net eng aner. Oder fir bei de Ponts-et-chausséeën ze sinn, do huele mer nëmme Fraen, keng Männer. Da géife mer vun Diskriminatioun schwätzen an d'Zeitungen, di wäre fir eng Zäit beschäftegt, Artikelen ze publizéieren. Wa mer awer lo gesot kréien, datt deen héchste Magistère vun engem Land nëmmen deem zougänglech ass, deen an engem gewëssene Clan als éischten, wa méiglech nach als Mann op d'Welt komm wär, e Papp hat, dee schonn a Fonktioun war, da géif dat net als Diskriminatioun ugesi ginn. Wi gesot, do waarden ech drop, datt ech et engker erkläert kréien.

A wann dann dogéintgehale gëtt, datt Theorie an theoretesch juristesch Iwwerleeungen eng Saach wären an di berühmte Praxis, dat wär eng aner Saach, dann erënneren ech drun, datt et vläit engker e klengt Land ginn ass, dat frisch fröhlech eng zweet Chamber hat, wou grad sou frisch fröhlech legislativ Fonktioune mat juridiktionelle Fonktioune vermëscht gi sinn. Dat war gewosst, jiddferee wosst dat, an 't huet keen eppes derbäi fonnt bis awer eemol eng Kéier geklot ginn ass op méi enger héijer Plaz, wou dann dat klengt Land sech an deem doe Sënn zesummegeholl huet an e puer Texter nei geschriwwen huet.

Mäi leschte Punkt dat wär dann dee vun der Legitimitéit. Et gëtt oft geschwat: Mir hunn dach awer hei zu Lëtzebuerg eng Monarchie, dofir ass eng Kéier gestëmmt ginn. Ech weess och net, ob eng Décisioun, déi eng Kéier meng Grousspäpp geholl hunn, lo wou ech schonn e Grousspapp sinn, ob déi fir mech an dann och nach fir meng Enkele soll verbindlech sinn. Zënter 1919 si jo munnech Saachen op der Welt anescht ginn, firwat kënnt een och do net e bëssen zou sech kommen? Dat wär eng Saach.

Eng zweet Saach ass, datt de facto selwer, wéi deen zukünftege Grand-Duc Lieutnant-Représentant ginn ass, dunn ass iwwert de Radio an iwwer d'Televisioun e Message komm vum Haff, wou dann och de Problem vun der Legitimitéit ugeschnidde ginn ass, also vun där Säit hier. An do ass gesot ginn, si hätte jo eng Legitimitéit, an déi géif doranner bestoen, wéi mer jo als gutt Sujetë wëssen, datten se de facto bis elo stillschweigend higeholl oder ugeholl gi wären; huelt Iech dee Préfixe eraus, deen Iech am beschte gefällt.

Dat dotent soll eng Legitimitéit sinn? Et gëtt also nach ëmmer eng niewendrun a wa méiglech also sécher eng transzendent, mat där kënnt een als stierfleche Bierger jo schlecht ewech, wann ee mat där eng Course wëllt maachen. An dann dat anert, ech fannen d'Raisonnement awer e bëssen eegenaarteg, wann een aus der Tatsaach, datt bis elo kee Rämmidämmi gemaach huet, datt een da seet: Da sidd Der jo also alleguerte frou mat mer an et soll esou weider goen."

**Ech weess net, ob eng Décisioun, déi eng Kéier meng Grousspäpp geholl hunn, lo wou ech scho selwer e Grousspapp sinn, ob déi fir mech an dann och nach fir meng Enkele soll verbindlech sinn.**

